LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3673 du 18 février 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant la "Garde d'enfants par les grands-parents".**

Dat aktuellt Covid-Gesetz gesäit effektiv vir datt een net méi wéi zwee Leit aus engem Stot bei sech invitéieren kann. D'Gesetz gesäit keng Dérogatioun vir. Et kann also keng Ausnam zum Gesetz gemeet ginn wann eng Famill méi wéi 2 Kanner huet, déi vun den Grousselteren versuergt ginn.

Am Fall wou eng Famill méi wéi zwee Kanner huet an dës vun den Grousselteren versuergen loossen, mussen d' Grousselteren sech bei d'Kanner déplacéieren fir d' Regel vum Maximum vun zwou Persounen déi een bei sech empfänken kann ze respektéieren.

Falls dëst net méiglech ass, mussen d' Elteren op aner Betreiungsstrukturen zeréck gräifen. Et sief och nach eemol drun erënnert datt wann d' Grousselteren als Population vulnérable gëllen, een d'Betreiungsstrukturen privilegiéieren soll fir d' Grousselteren sou man wéi méiglech engem Risiko auszesetzen.